# Äntwerten vun alle Parteien op eis 4 Froen

| | CSV | LSAP | DP |
|---|---|---|---|
| **1)Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner- a Jugendbetreiung an am Cader vun der non-formaler Bildung?** | - Ausbau vu Qualitéit ass prioritär nodeems an deene läschte Joeren vill Strukturen entstaan sinn<br>- Alternativ: Dageselteren (wëll eng legal Basis)<br>- Den Ausbau a Weiderentwécklung vu bestehende Servicer (Eltereschoul, Centre Socio-éducatif, therapetesch Strukturen etc.) | - Eenheetlech Qualitéitskriteren fir d'Kannerbetreiung<br>- Enk Zesummebnaarbecht tëscht Schoulen, Gemengen an Träger muss duerch e gesetzleche Kader gefördert ginn<br>- Stategie an Zielsetzungen mussen vu viran definéiert ginn<br>- Evaluatioun muss agesaat ginn fir Qualitéitskontroll<br>- Bestandsopnahm iwwer d'Besoins ass wichteg fir eng gudd Kannerbetreiung | - Gratis-Kannerbetreiung fir Kanner vun 0-3 Joër<br>- Et muss op Qualitéit gesaat ginn: Modell vun engem integréierten System vun der Kannerbetreiung an d'Schoul muss ënnerstëtzt ginn.<br>- Sproochförderung als e wichtege Qualitéitskriterium<br>- Emotional Bindung muss gefördert ginn duerch Vertrauen an Zouneigung vu festen Bezuchspersounen, dofir muss eng Kontinuitéit vun Betreiungsteams garantéiert ginn |
| **2) Waat géift dir un der Formatioun an un de Studie vun de sozio-edukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?** | - Schwéierpunkt läit op Qualitéit, efficace ausgeriichten initial Formatioun an eng op den Terrain ausgeriichten Weiderbildung<br>- Wahlprogramm huet sech net mat der Fro vun der Formatioun/Studien vun deenen zwee Beruffer auserneegesaat | - Formatioun a Studien sollen a regelméissegen Ofstänn mat de Leit vum Terrain un d'Ufuederunge vun der Zäit ugepasst ginn<br>- Formation continue ass en ganz wichtege Volet<br>- Praktesch Gestioun vu Konflikter an den Emgang vu Verhalensopfällegkeeten muss onbedéngt eng Plaz hun | - Méi Spezialiséierungen an der Ausbildung<br>- Verbesseren vun der Offer vu „Formation continue“ |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéiungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?** | - PEP (plan d'encadrement périscolaire) als roude Fuedem fir d'Verbannen tëscht Schoul an M.R., resp. formaler an non-formaler Bildung | - Verbindung tëscht formaler an non-formaler Bildung muss hiergestallt ginn. Erzéiung ass e Ganzt!<br>- PEP ass eng wichteg Basis fir gudd Zesummenaarbecht tëscht Schoul a Maisons relais | - En integréierte System vu Kannerförderung: eng enk Zesummenaarbecht tëscht de Beteiungsstrukturen a Schoul<br>- Eng Integratioun vun der Kannerbetreiung an den Educatiounsministère waat villes géing verbesseren (besser Personalgestioun, administrativ Vereinfachung, méi Qualitéit durch pluridiszipliär Teams, Forschung an der Kannerbetreiung ka besser organiséiert ginn, Prozessqualitéit ka mat regelméisseger Evaluatioun analyséiert ginn). |
| **4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpägogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt daat wat scho säit Joere versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséierung vun dëse Carrièren), endlech Réalitéit gëtt?** | - D'Reform vun der Fonction publique, an däer dëser Suerg Rechnung gedroen gëtt, muss sou séier wéi méiglech ëmgesaat ginn | - D'Carrière vum Éducateur muss däer vum Rédacter gläichgestallt ginn<br>- D'Carrière vum Sozialpädagog muss an eng allgemeng Bachelorcarrière erakomm geméis der Reform vun der „Fonction publique“ | - D'DP huet sech scho säit den Nationalwahlen 2009 fir eng Reform an der Fonction publique ausgeschwaat fir datt d'Carrièren de Studien entspriechend ugepasst ginn a bedauert, datt sektoriell Fuerderungen net lassgeléisst vun der Refiorm kënnen ugepasst ginn. |

| | Déi Gréng | ADR | Déi Lénk |
|---|---|---|---|
| **1)Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner- a Jugendbetreiung an am Cader vun der non-formaler Bildung?** | - Ziel ass eng flächendeckend qualitativ héichwäerteg Betreiung, déi dann och gratis muss sinn<br>- Streng Qualitéitsnormen, genuch qualifizéiert Personal, eng stabel Personalgestioun, passend Infrastrukturen, kleng Kannergruppen an eng regelméisseg a besser Kontroll vun der Qualitéit duerch d'ëffentlech Hand<br>- Betreiungsschlëssel muss ugehuewe ginn<br>- Regelméisseg a systematesch Weiderbildung a Supervisioun<br>- Adaptéiert Öffnungszäiten<br>- Berodungsstrukturen fir d'Elteren | - ADR setzt sech fir de fräie Choix vun den Elteren an, hir Kanner selwer doheem ze erzéien oder op Strukruren wéi Crèchen, Maison relais oder Ganzdagschschoulen zréckzegräifen<br>- Personal muss gudd qualifizéiert sinn<br>- Gebrauch vun der lëtzebuerger Sprooch ass extrem wichteg | - Förderung vum Kand a sénger ganzer Perséinlechkeet<br>- Grondleegend Debatt ass vun der Politik iwer d'Elteren bis hin zum edukative Personal ass noutwendeg.<br>- Visioun vun Erzéiung déi Selbstbestëmmung, Demokratie a Chanceglächheet fördert<br>- Ausbau vu Ganzdagsschoulen oder starker Vernetzung tëscht Schoul a Maison relais.<br>- Déi néideg Mëttelen musse garantéiert sinn: Infrastrukturen, genuch Personal waat hierer Formatioun no bezuelt gëtt, eng héichwäerteg Formatioun resp. Weiderbildung, Begleedung (Coaching, Supervisioun, Qualitéitsentwécklung). |
| **2) Waat géift dir un der Formatioun an un de Studie vun de sozio-edukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?** | - Studiegang vun de Soziapädagogen muss opgewäert ginn a méi visibel ginn mat méi Upassung un d'Bedürfnisser um Terrain.<br>- Eng besser Orientatioun an Informatioun iwer d'sozio-edukativ Beruffer<br>- Kooperatioun tëscht de Studiegäng vum Sozialpädagog a vum Schoulmeeschter<br>- Eng besser Prise en charge vu Kanner mat spezielle Bedürfnisser | - Beschtméiglech Formatioun muss ugebuede ginn an daat an der Konkurrenz mat auslänneschen Instituter, déi di Formatiounen och ubidden<br>- Ministère muss dofir suergen, datt eis genuch kompetent Léierpersonal zur Verfügung steet fir datt et z.B. net méi zu sou enger Situatioun kënnt, wéi mer et viru kuerzem am Zesummenhang mam LTPES erliewt haaten<br>- Et muss de Besoinen no forméiert | - Praxisorientéiert Aspekter daarfen net ze kuerz kommen<br>- Persoun als Schlëssel zur qualitativer pädagogescher Aarbecht<br>- Teamaarbecht a Leedungsqualitéiten mussen an der Ausbildung gefördert ginn am Sënn vun enger partizipativer a kooperativer Approche<br>- Inklusioun a Genderpädagogik musse kënne weidervermëttelt ginn<br>- „Formation continue" muss verbessert ginn an de Besoinen no |

| | | | |
|---|---|---|---|
| | - Fir d'Éducateure mussen de Besoinen um Aarbechtsmarché méi Rechnung gedroe ginn<br>- Aféiere vu Masterstudiegäng fir BSSE Bacheloren op der Uni | ginn. | ugepasst ginn |
| **3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéiungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?** | - Plan d'encadrement périscolaire ass en éischte Schratt<br>- PEP geet awer nach net wäit genuch: et brauch een méi Mëttel fir méi eng enk Zesummenaarbecht<br>- D'Ministère vun der Famill a Bildung musse méi no zesumme kommen, firwaat net een eenzege Ministère schafen? | - Déi zevill rigid Barrière tëscht Schoul a  périscolaire Beräich mussen opgehuewe ginn.<br>- D'Kanner daarfen net d'Gefill hunn, dee ganzen Daag nëmmen an der Schoul ze sinn<br>- Direkter an der Grondschoul als Bindeglied tëscht Enseignanten an Educateuren.<br>- PEP ass gutt Saach en däerf awer net zeviull zu enger administrativer Belaaschtung ginn | - Gemeinsam Richtlinnen fir eng gemeinsanm Erzéiungspolitik<br>- Ganzdaagsschoul als Modell fir d'Zukunft: Komplizéiert Instrumenter wéi PEP sinn iwerflësseg wann all d'Acteuren an enger Struktur géingen zesumme schaffen.<br>- Déi Lénk favoriséiren e flächendeckend Gantzdaagesschoul-Angebot |
| **4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpägogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt daat wat scho säit Joere versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséierung vun dëse Carrièren), endlech Réalitéit gëtt?** | - Ouni Virbehalt fir d'Schafung vun enger Bachelor-Carrière et ass eng regelrecht Drénglechkeet<br>- Daat tëscht Regierung an CGFP ausgehandelt Ofkommes muss direkt ëmgesaat ginn | - Eng Iwerpréifung vun der Gehälterstruktur am ëffentlechen Dëngscht ass néideg, och bei den Erzéier a Sozialpädagogen. Déi allgemeng Gehälterreform muss sech awer de Realitéiten vum Staatsbudget upassen. | - Sozio-edukativ Beruffer brauche méi Unerkennung<br>- D'Fuederungen vun APEG an LBSA sinn absolut legitim |

| | KPL | Piratepartei | PID |
|---|---|---|---|
| **1) Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner- a Jugendbetreiung an am Cader vun der non-formaler Bildung?** | - Asetzen vun „Equipes multiprofessionnels“<br>- Interventioun vu Fachkräften an Ofsprooch mat Enseignanen<br>- Preventioun an Encadrement fir déi sozial schwach Familllen fir méi sozial Gerechtegkeet unzestriewen<br>- Aféieren vu Ganzdagesschoulen mat integréierter pädagogescher Fräizäitoffer<br>- E puer finanziell Entlaaschtungen besonnesch fir sozial schwaach Familllen wéi gratis Muergesiessen, Coupons fir Schoulmaterial, kulturell Offer, Fördercoursen an Hausaufgabenhëllef am Sënn vu méi Chancegläichheet<br>- PEP soll sou onbürokratesch wéi méiglech emgesaat ginn<br>- Méi Personal an de Betreiungsstrukturen | - Fir eng flächendeckend Offer vu Crèchen a Maisons relais<br>- All Kand ab 2,5 Joer muss en Urecht op „éducation précoce“ kréien<br>- Jugendbetreiung muss ausgebaut ginn<br>- Initiativen fir Aféierung a modern Technologien fir Kanner a Jugendlecher mussen ënnerstëtzt ginn | - Nom integrale Gedanken soll d'Kand zu engem mündege Bierger opwuessen<br>- Sozial Kohäsioun muss preparéiert ginn<br>- Zesummeliewen an der Famill ass wichteg<br>- Den Educateur muss d'Kanner an déi Jugendlech op déi Missioun preparéieren an daat ass de Garant fir eng gesellschaftlech positiv Evolutioun |
| **2) Waat géift dir un der Formatioun an un de Studie vun de sozio-edukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?** | - Verbesserung vun der „Formation continue“<br>- „Formation continue“ an Evaluatioun daatf net u Salaire gebonn ginn | - Méi eng aktiv-partizipativ Approch an der Formatioun<br>- „Gerontologie“ muss méi fréi a méi internsiv behandelt ginn, well ëmmer méi eeler Leit musse betreit ginn<br>- Medienpädagogik muss méi eng zentral Roll spillen<br>- Liewenspraktesch Kompetenzen wéi Haushaltsaktivitéiten, Musek awer och Kultur, national | - Beruff muss al „Berufung“ ugesinn ginn<br>- Erzéier mussen d'Elteren ersetzen, hinnen e gewëssen Halt ginn an dofir ass eng gudd Formatioun wichteg<br>- Kommunikatioun muss an der Formatioun eng wichteg Roll spillen |

| | | | |
|---|---|---|---|
| | | Geschicht, Ëmgang mat Geld an Allgemengbildung musse kënne vermëttelt ginn | |
| **3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?** | - Zevill administrativ Hindernisser fir eng effizient Zusummenarbecht<br>- Kontigent vun de Fachkräften muss opgestockt ginn<br>- PEP zum Scheiteren verurteelt well ze bürokratisch<br>- Schwéierpunkte müssen an der Hausaufgabenhëllef an an di schulischen Nohëllefsmossnamen leien<br>-"Instituteurs-ressources" an Erzéier sollen als Vermëttler tëscht Grondschoul a Maisons relais fungéieren | - Erzéiunggsaarbecht daarf net nëmme vu Politiker gemaach ginn, all Partner mussen méi mat abezu ginn<br>- Elterenaarbecht muss méi eng zentral Roll spillen<br>- De Famillen muss e kompetent Team zur Säit stoen an d'Elteren musse méi an d'Entscheedungsprozesser mat abezun ginn. E regen Austausch tëscht béide Säiten brauche mer méi Austausch | - Wëssensvermëttlung an Erzéiung mussen mateneen harmonéieren a komplementar zueneen sinn<br>- D'Famill muss responsabiliséiert ginn<br>- D'Missiounen musse kloer oofgegranzt ginn, awer fléissend Iwergäng erméiglechen |
| **4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpägogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt daat wat scho säit Joere versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséierung vun dëse Carrièren), endlech Réalitéit gëtt?** | - D'Gläichstellung vun de Carrièren mat deenen vun den anere Beruffer mat equivalenter Studiendauer soll garantéiert ginn am Sënn vun enger qualitativer Verbesseung fir d'Wuel vun deene schaffende Leit a vun der sozialer Gerechtegkeet<br>- D'Gewerkschaften mussen dës Gläichstellung mat engem Kollektivvertrag erkämpfen | - Sozial Beruffer mussen endlech mol méi gewierdegt an deem entspriechen muss hier Carrière endlech ugepasst ginn<br>- Educateuren a Sozialpädagogen mussen e Streikrecht kréien an et wäer dann un der Zäit fir mol Gebrauch dovun ze maachen | - Ongerechterweis gëtt d'Schoulpersonal besser agestuft, waat onverständlech ass<br>- Verbesserungen an Upassungen zu Gonschten vun den Educateuren musse prioritär ëmgesaat ginn |